N°2907
Entrée le 22.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.09.2025
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg dierf een Employé bis zu 3 Deeg Congé extraordinaire froen, am Fall wou säi Partner oder een direkte Familjemember verstierft. Am tragesche Fall vum Dout vun engem Kand kritt een Employé bis zu 5 Deeg Congé. Dëse Congé muss direkt ab deem Dag geholl ginn, wou d'Persoun verscheet. An anere Länner ass d'Unzuel u Congésdeeg, grad am Fall vum Doud vun engem Kand, méi héich. A Frankräich, zum Beispill, sinn et bis zu 22 Deeg, déi ee Salarié kann huelen, wouvunner 8 Deeg kënnen flexibel am Joer nogeholl ginn.

Dëse Congé huet seng Daseinsberechtegung. Effektiv stellt sech d'Fro, wéi se an engem Artikel vum 19ten September am WORT duergestallt gëtt, wéi mer als Gesellschaft der Trauer an de Gefiller méi Raum kënne ginn. Dëst speziell am Hibléck vun der mentaler Gesondheet an eiser Gesellschaft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Ginn et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir de Congé am Fall vum Doud vun engem Familljemember z'erhéijen? Falls nee, wat schwätzt dogéint?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu
PIRATEN

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés